

# Willibrordusoktav 2022

*Sonndes, 6. November 2022*

## **Pilgermass fir d'Par Regioun Iechternach Saint Willibrord**

Texter: 1 Kor 1, 18-25 / Mk, 16, 15-20 (Texter vum Hl Willibrord)

Léif Kanner, léif Elteren, Grousselteren, léif Leit alleguer, dëst Joer fält mir déi Éier zou, ze priedegen an der Willibrordusoktav. Et ass all Joer eng ganz besonnesch Woch, fir mech, als eent, wat hei aus der Géigend kënnt, wat hei am Lycée war, als Mataarbechterin vum Pastoralteam vun der Par an dëst Joer als eent vun 2 vun der „Doppelspitze“ vum „Groupe synodal“. Als Thema hunn ech gewielt: Eng lieweg Gemeinschaft - net op Sand gebaut. Eng Affirmatioun, oder eng Fro?

Ech si mir selwer net sécher an dësem Moment, mee ech hoffen, dass mir am Laf vun dëser Woch zesumme Weeër fannen, déi eis weisen, wéi mir als Gemeinschaft lieweg si kënnen, an op engem feste Fundament stoe kënnen, och nach an der Zukunft. Mir hunn hei zu Iechternach déi eenzegaarteg Chance, dass mir den Hl Willibrord hunn, deen eis begleet, ass hien dach an deem eenzegen Hellegegraf op lëtzebuerger Buedem begruewen. Schonn eleng dat misst eis, mindestens hei an der Géigend, stolz maachen, sou stolz, dass et eis matrappe kann, un der Kierch vu muer ze bauen, an net där vu virgëschter nozeträueren. A schonns si mir bäi der Synode.

658 ass de Willibrord an Nordhumbrien gebuer, de 7. November 739 stierft hien a sengem geléiften Iechternach, sou steet et an der "Heimat und Mission", déi eis säi Liewen unhand vun de Fënsteren hei an der Basilika erkläert. Dohannen wann Dir rakkommt an op den Altar kuckt, rechts, déi 1. Kierchefenster fänkt et un. D'Kierchefenster besteet aus 5 Deeler, wou déi 3 mëttelst zesummen hänken, a jeeweils an ënnen an uewen agedeelt sinn. Ennen dem Willibrord seng Mamm, d'Dramgesiicht vun der Mamm, sot den Här Seiler eis am Lycée, wéi hien eis seng Begeeschterung fir de Willibrord nobruecht huet. Dem Willibrord seng Mamm hätt bäi senger Gebuert oder kuerz virdrun, gedreemt, dass dat Kand, wat si kréie géif, eppes Grousses am Zesummenhang mat Kierch oder Glawe géif ginn. Hir Hänn sinn op, no uewe geriicht, offe fir dem Härgott säi Wëllen ze erfëllen, dëst ass d'Ausso vun dem Bild. Si muss dat wuel dem Willibrord sengem Papp gesot gehat hunn, well hien setzt de Willibrord op d'Schinn vum Glawen, vun der Gemeinschaft, wann Dir dat sou erlaabt ze soen, nodeems d'Mamm bäi der Gebuert oder no der Gebuert gestuerwe war, sou krute mir an der Schoul erzielt. Den neisten Erkenntnisser vum Rainer Neu no wier dat net sou gewiescht. Ob nun de Papp vum Willibrord nom Doud vun der Mamm entscheet huet, Einsiedler ze ginn, oder ob hien dat no der Gebuert vum Willibrord entscheet huet, an de Willibrord mat der Mamm eleng gelooss huet, ännert näischt um Willibrord sengem Wee an der kierchlecher Gemeinschaft. Déi Stralen no uewen, dat friddlecht Bild vun der Mamm, huet mech soulaang ech déi Fënstere kennen, ëmmer fasziniert.

Dann e weideren Deel vun der Fënster uewen, wou de Willibrord am Alter vu 4 oder 6 Joer (ech hu béides geliest) op Ripon an d'Klouschter bruecht ginn ass, fir dass hien do géif erzu ginn, fir ass hien eng Formatioun géif kréien an an d'Fussstapfe vum Glawe gesat ginn. De klunge Willibrord, gekleet a rout, d'Faarf vum Hellege Geescht, gëtt de Mönche vu Ripon uvertraut. E klengt Kand, aus den Hänn vun der Famill, a friem Hänn, e Bild, wat Angscht maache kann a wat eis awer och Kraaft gi kann, Hoffnung. Gott ass mam Willibrord, Jesus Christus ass säi Weeweiser an den Hellege Geescht, d'Kraaft vu Gott dreift hien un.

Klengt alles plausibel, an awer! Sou einfach wat et net, bestëmmt net. Deemools huet dem Willibrord säi Papp, den zum Chrëschtentum konvertéiert war, Kraaft bäi Gott fonnt, fir eens ze ginn. Gott huet him eng aner Richtung gi fir säi Liewen, wéi hien sech zrëckgezunn als Einsiedler,

rechts an dem 5. Deel vun der Kierchefenster ze gesinn, wou hien dem weltleche Liewen ofgeschwuer huet, duerch den Doudekapp duergestallt. Den éischten Deel vun der Fënster weist dann, wou dem Willibrord déi éischt Tonsur geschnidde gouf, en Erkennungszechen, dass hien sech ganz zu Gott hi kéiert en vue vu sengem geweite Liewen.

Nun, wat kann dat eis soe fir eng lieweg Gemeinschaft, eng lieweg kierchlech Gemeinschaft?

Wa mir haut an den Texter zum Fest vum Hl Willibrord kucken, fanne mir villäicht eng Spuer. D'Wuert vum Kräiz ass deenen, déi verluer ginn, "Torheit", Dommheet, eis awer, déi gerett ginn, ass et Gottes Kraaft. Dëst soll eis net motivéieren, op déi aner erfzekucken. Mee et soll eis d'Aen opmaachen, dass et net onbedéngt einfach wäert sinn, an dass et och net duergeet, den einfache Wee ze goen. Mir ginn am Zeeche vum Kräiz, am Zeeche vum Leiden, wou hannendrun awer eng Form vu Weiderliewe steet, vun éiwegem Liewen, dat eis iwwe den Doud eraus dréit.

Keng Angscht, ech wëll eis d'Freed vum Willibrord net huelen a gefillt fir d'dausendste Kéier iwwe alles, wat an der Welt net geet, stoe bleiwen. Op dat wat net geet, solle mir kucken, mir sollen et eescht huelen, mee mir sollen net dobäi stoe bleiwen. E Beispill: ech kann mech och elo nach, no 2,5 Joer Corona all Dag selwer bedauern, dass et deen nach gëtt, well et gëtt en nach. Ech ka mech erfzëie loossen, an doranner réieren, a bedauern, dass et eis, wuel oder iwwe, dach Limite setzt. Ech kann awer och déi Bedreeung, déi dovunner ausgeet, als Warnung huelen a weider kucken, an den Owend einfach soen: Schéin, dass Dir hei sidd. Maache mir dat Bescht draus a genéisse mir eis Gemeinschaft. Wann ech mech, ouni Opleenung u verschidde "gestes barrières" halen, souzesoen automatesch, brauch ech näischt dozou ze soen, a mech net erfzëien ze loossen.

D'Pist vun "mam Kräiz ze goen am Liewen" leed mech, a weist mir, wat wierklech wichteg ass. De Willibrord war vu Klengem un op d'Schinn vum Glawen gesat ginn. Hien ass duerch seng schoulesch Carrière einfach vertraut mat der Botschaft vu Gott ginn, an huet sech vun der Kraaft vum Hellege Geesch leede gelooss, undreiwe gelooss.

Sécher, haut ass et net méi üblech, dass eis Kanner just kënnen an eng Klouscherschoul goen fir eng Bildung, eng Ausbildung ze kréien. Deemools war dat schonn sou. De Willibrord huet dann duerno mat deene Kaarte gespillt, déi hien vu Klengem un an de Grapp kritt hat.

Wéi ass dat mat eis? Wat hu mir als Kaarten uvertraut kritt vun eisen Elterenhaiser? Wat hu mir als Kaarte kritt an der Schoul a spéider am Liewen? Vill vun eis sinn doheem nach am Glawen erzu ginn. Interessant ass villäicht, dass ech, vun doheem aus, ganz sécher mat Glawensschong beschenkt, dach awer net wierklech vertraut war mam Hl Willibrord. Et huet sech alles ëm eist Heemechtsduerf gedréit, an déi 9 Kilometer bis op Iechternach hu mir fir eist Glawensliewen net gemaach, an och net gebraucht ze maachen. Deemools war d'Kierch nach am Duerf. Eréischt am Lycée ass mir bewosst ginn, dass den Hl Willibrord eise Patroun hei zu Iechternach ass, an mir hunn all Joer mat Stolz a Freed de 7. November gefeiert. Mir haten souguer eng Mass, a mir hunn eis do weder gelangweilt, nach wier et a Fro komm, den Dag net dohinner ze goen. Wéi d'Zäiten sech geännert hunn.

Nun, Iech all, ass et nach wichteg. Wéi ass et mat der Wichtigkeet vum Glawen, déi mir un déi kommend Generatiounen weider schenke sollen? Wat gi mir an der Kateches weider? Ass si un d'Liewe vun de Kanner a vun de Famillje gebonnen? Leeë mir Zeechness of vun dem, wat mir gleewen? Begeeschtere mir mat dem, wat mir mam Kräiz verbannen? Huele mir och onbequem Weeër a Kaf, och dann, wann d'Kräiz fir d'éischt mol Kräiz ass, also Leiden, Engagement, an Häerzensblutt oder Häerzensengagement verlaangt? Eng lieweg Gemeinschaft gëtt et net zum Nulltarif!

Mir hunn hei an der Basilika en Hellegraf, dat Graf gëtt eis eng Aufgab, eng Motivatioun. Mir kënnen dat Graf lieweg gi loossen, andeems mir sou wéi de Willibrord a wéi d'Jünger am Evangelium erausginn, an d'Botschaft vu Gott verkënnegen. Jidderee vun eis kann Zeechness ofleeën fir d'Kräiz an déi domat verbonne Botschaft vu Gott, "in Worten und Taten", jiddereen op seng Manéier. Wa mir erausginn a kreativ sinn, an net drop waarden, ëmmer de liichte Wee ze goen an dass déi aner et maachen, da bekräftegt den Här och eis Verkënnegung duerch déi Zeechen déi hien geschéie léisst.

Herr, erneure deine Kirche, und fange bei mir an. Herr, baue deine Gemeinde, und fange bei mir an. Amen.

Le tombeau de St Willibrord a un message clair pour nous, il nous confie une tâche, il nous donne motivation. Nous pouvons faire vivant notre communauté, notre foi quand nous nous mettons en route comme St Willibrord et les disciples de Jésus dans l'évangile en annonçant la bonne nouvelle de Dieu. Nous pouvons témoigner de la croix et du message de Dieu qui est lui-même lié à la croix, témoigner par des mots et par des gestes, des actions concrètes, chacun de sa façon personnelle. Quand nous sortons, quand nous sommes créatifs, et quand nous n'optons pas pour le chemin le plus simple, ce sera le Seigneur qui fortifie notre message par les signes qu'il laisse paraître. En ce sens, je prie chaque jour, que Dieu éveille notre Église, et qu'il commence par m'éveiller moi-même, qu'il construise notre communauté et qu'il commence chez moi...

*Méindes, de 7. November 2022*

Festdag vum Hellege Willibrord

**Pilgermass fir d'Dekanat Lëtzebuerg**

Texter vum Festdag vum Hellege Willibrord a Ps 96(95)

Léif Pilgerinnen a Pilger aus dem Dekanat Lëtzebuerg, schéin, dass Dir hei sidd. Um Festdag vum Hellege Willibrord freeë mir eis besonnesch, fir mat Iech ze feieren.

Eng lieweg Gemeinschaft, net op Sand gebaut! Dat ass déi Hoffnung, déi den Hellege Willibrord a sech gedroen huet, wéi hien sech 690 mat 11 Gefährten aus dem iresche Klouschter zu Rathmelsigi op de Wee gemaach huet fir Friesland ze missionéieren. Wann Dir haut déi 2. Kierchefenster op der rietser Säit kuckt, da gesitt Dir an den 3 mëttleren Deeler uewen de Willibrord, éier hien sech op de Wee mécht mat senge Gefährten. Sou wéi déi 12 Apostel sinn si ënnerwee. „Im Alter von 33 Jahren wuchs in dem aussergewöhnlichen Mann ein immer stärkeres Glaubensfeuer im Innern, so dass es ihm unbefriedigend schien, sich nur für seine eigene Person in der Heiligung abgemüht zu haben, wenn er nicht auch anderen durch die Verkündigung der Wahrheit von Nutzen wäre.“ (Alcuin)

De Willibrord läit an enger Haltung vu Gebiet um Buedem fir de göttleche Seegen ze erbieden. Hannert him sti seng Gefährten vun deenen e puer de Märtyrerdoud stierwe wäerten. Si hunn e Buch dobäi, warscheinlech dat Evangeliar, dat haut zu Paräis versuergt gëtt an nom Willibrord bezeechent gëtt. Op sou Reese sinn a Wierklechkeet wuel méi handlech Kopie vun der Helleger Schrëft matgeholl ginn. Eng Käerz deit op d'Liicht vum Glawen hin, wat a Friesland soll opschéngen.

Déi Rees war en Abenteuer. Et war sécher kee Croisièresschëff, wou se dra souzen. Den Här Seiler sot eis am Lycée, si wieren an enger Nosschuel iwwer d'Mier komm. Dat seet eppes aus iwwer d'Abenteuerlust vum Willibrord a senge Leit, iwwer seng Risikofreedegkeet, einfach emol eppes ze woen, eppes ze probéieren, an, et weist wuel och säi Gottvertrauen. Si haten just sech selwer, d'Helleg Schrëft an dat Allernéidegst dobäi. "Wer wagt, gewinnt."

Dat bréngt mech an eis Zäit. Mir woen net méi gären, a schonns guer net fir eise Glawen. Wann, dann fir eise perséinleche Pleséier. Mee fir de Glawen: no risk! An leider och ëmmer méi: no fun.

Mir hunn et ze laang bäi feste Strukture gelooss, hänken dorunner, klammeren eis un Dogmen, u Reegelen. Wann de Willibrord sou ugepasst gewiescht wier, géife mir hei haut net iwwer sengem Graf stoen, um Fundament vu sengem Graf. Da wier hei net am 7./8. Joerhonnert missionéiert ginn, et wier keng Schreiweschoul entstanen an och keng Abtei. Do war schonns deemools méi Wuppens an och méi Konzentratioun op dat Wesentlecht. Kloer, mir kënnen d'Zäit vun deemools net op haut 1 zu 1 iwwerdroen an och net an den direkte Vergläich setzen. An awer, se kann eis inspiréieren, emol nozedenken a Kraaft ze tanken fir d'Zukunft. De Willibrord huet deemools net gefaart. Haut fäerte mir. Zwar net fir engem emol d'Wourecht ze soen, mee fir eppes Neies ze woen, fäerte mir, eppes richtig Neies, op dem urale éierwierdege Fundament vum Message vu Gott, deen och schonn de Willibrord geleet, ugedriwwen huet. Ech denken, d'Fundament op der helleger Schrëft, d'Fundament vum Glawen huet him Flilleke gemaach, fir emol e Bild ze gebrauchen.

Wéi gären hu mir d'Helleg Schrëft an de Message vu Gott, d'Zeechness vu Jesus Christus? Si mir prett, eppes ze woen?

Kloer, et ka geféierlech ginn, well et kann een eventuell d'Kontroll verléieren, wann een Neies zouléisst. Wann een d'Kontroll awer partout wëll behalen, dann gëtt et langweilig. D'Langweil ass eng reell Gefor, eng Gefor, déi mir net ënnerschätzen däerfen.

E Beispill: Mir hunn dëst Joer, sou wéi schonn Ufank 30 Joer virdrun elo fir Allerhellegen Kierfechter geseent. Ass dat e Ritus? Just e Ritus? E Ritual? Oder kucke mer, wien do steet, wéi d'Leit reagéieren, ob hinnen dat, wat mir soen a maachen, nach eppes seet? Schwätze mer mol mat hinnen do driwwer oder maache mer sou wéi ëmmer? Seet dann een eng Kritik, si mir dann op dofir oder verfale mir dann an dat üblecht Selbstmitleid, dass mir awer net eescht geholl ginn, an net wouer geholl ginn an Allem wat mir jee gemaach hunn etcpp?

Wéi mir déi synodal Consultatioun ugefaangen hunn, si mir ugetrueden, dass mir d'Leit géifen eescht huelen a lauschteren. Fir dass eist Lauschteren e Fundament hätt, an d'Aussoen, déi d'Leit maachen, och, hu mir eis ëmmer ënner e Gebiet gestallt, an der Offenheet fir d'Kraaft vum Geescht vu Gott, déi eis leeden an inspiréiere soll. Mir hate schonns méi oft sou Momenter, wou mir de Leit gesot hunn, dass mir géife lauschteren: Lëtzebuerger Synod, Kierch 2005, pak mat un. Mir hunn eist ganz Vertrauen an dësen oder dee Personalwiessel geluecht, an der Hoffnung, dass en neie Bëschof, en neie Paschtouer, en neie Laiemataarbechter géif déi Wonner wierken, déi bis elo net gewierkt waren. Mir hu ze wéineg op Gott vertraut a vill ze vill op anerer gewaart, statt selwer aktiv ze ginn an ze maachen, net blannemännerches, mee op engem seriöse Fundament. Deemools wéi de Motto war „Pak mat un“ erënneren ech mech un eis dach platt Witzen: „Pak mat an“. Apaken ass dach dat, wat mir **net** wëllen. Also mussen mir Konsequenzen zéien a selwer eppes änneren, maachen. Wann ech haut d'Texter vum Festdag vum hellege Willibrord kucken, dann gi mir all opgeruff, d'Botschaft vum Jesus ze verkënnegen. Mir all, net nëmme männlech zölibatär liwend Persounen, mee jiddereen, jo, dir an ech souguer och! Bäi Gott si mir all gewollt. Ech beleeeën dat net theologesch, bewusst net. Et ass eng mënschlech Wourecht. Déi kierchlech Gemeinschaft brauch eis all, Männer a Fraen, Kanner, eeler Leit, Gesonder a Kranker. Wat si mir bereet ze ginn?

„Wéini hu mer opgehalen, eis echt ze investéieren fir d'Pastoral?“ dat war eng Ausso, déi virun enger Zäit ee vu menge Cheffen am Bistum gemaach huet, enfin de Wortlaut war méi drastesch, mee dëst ass de Message. Wat si mer bereet ze ginn?

De Willibrord läit a Gebietshaltung do fir de Seege vu Gott ze erbieden, éier hien sech op de Wee mécht. Leeë mir eis an d'Gebietshaltung, gi mir zrëck op eist Fundament, op déi frou Noriicht vu

Gott an den Texter vun der helleger Schrëft, oder kucke mer roueg no, wéi d'Mënschheet no an no um Buedem läit, ouni Orientéierung oder ouni Kraaft, ouni Richtung am Liewen?

Hei an der Basilika gött nawell heiansdo dat Lidd gesongen „Hier liegt vor deiner Majestät im Staub die Christenschar.“ Ech well net no Schold sichen firwat dass d'Chrëschemannschaft um Buedem läit. Wuel net well se grad amgaang wier ze bieden, mee well se net méi eens gött, an et hinnen u Liewensperspektive feelt. Fir all déi Kéieren wou ech dozou bäigedroen hunn, dass een um Buedem läit, deet mir dat jiddefalls leed.

Wat huet Iech haut heihinner gefouert? Also et geet net ëm den Auto oder de Bus, mee ëm är Beweeggrënn, är déif ënner Beweeggrënn. Huet een Iech nogelauschtert a gefrot, wéi et Iech als Chrëschte geet? Jo, haut hei geet?

Dir sidd wichteg, an et ass all Dag derwäert, dass mir een op den anere kucken an een op den aneren lauschteren. Ech hunn dat fest Vertrauen, dass mir Gott dee Moment ufänken, ze verkënnegen, wa mir eis an d'Aen kucken an de Bléck ee vum aneren aushalen. Genee da fänkt eis Gemeinschaft un, lieweg ze ginn. All Joer sange mir hei mehrmools e Psalmvers „Kündet den Völkern die Herrlichkeit des Herrn“. Jo, un eis all ass et, d'Herrlechkeet vu Gott ze verkënnegen, grad der Chrëschemannschaft, déi am Stepps vum Buedem läit. Wéi kënne mir besser op si lauschteren an sou e Schimmer vum Gottvertrauen vum Willibrord eriwwerbréngen?

En 690, Willibrord embarquait pour la Frise avec onze disciples. Dans leurs bagages, ils avaient les saintes écritures, la bonne nouvelle de Dieu et de Jésus et la volonté inébranlable de l'annoncer aux gens qu'ils rencontraient sur leur chemin. Qu'en est-il pour nous ? Sommes-nous prêts de nous investir ? Quelle est la nouvelle que nous sommes prêts d'annoncer ? Avons-nous reconnu de quoi les gens ont besoin ? Écoutons-nous, sommes-nous sensibles et prêts pour les changements qu'exige notre temps ? Laissons-nous inspirer par le courage et la confiance en Dieu de Saint Willibrord.

*Dënsdeg, 8. November 2022*

### **Pilgermass fir d'Dekanat Lëtzebuerg Zentrum**

Texter vum Dag: Tit 2, 1-8.11-14 / Ps 37 / LK 17,7-10

Léif Pilgerinnen a Pilger aus dem Dekanat Lëtzebuerg Zentrum, schéin, dass Dir um Dag nom Festdag vum Hellege Willibrord mat eis hei feiert. All Joer ass fir eis en Highlight, dass mir eng Woch laang um Graf vum Hellege Willibrord zesumme feiere kënnen an dobäi Besuch kréie vu Pilgerinnen a Pilger aus dem ganze Land an driwwer eraus.

Dat hält de Rescht vun eiser klenger Gemeinschaft lieweg. Jo, Dir héiert richteg: de Rescht vun eiser klenger Gemeinschaft. Am Laf vun de Joren ass si no an no méi kleng ginn, si hat manner Gewiicht an der Gesellschaft vun haut. Den Henri Bastin, fréieren Doyen aus der Regioun ëm Malmédy, ee vun de Referente vun der Rentrée pastorale den 3. Oktober, wou all Mataarbechterinnen a Mataarbechter ageluede waren, huet eis vun der Evolutioun vun senger Positioun am Laf vun senger Aarbechtszäit erzielt. Am Ufank vu senger Carrière war hien iwverall gär gesinn, ugesinn, an him war eng Plaz an den éischte Reie sécher. Am Laf vun de Joren huet dat geännert. Et ass deenen déi ugesinn sinn, déi an den éischte Reien hautdesdaags sëtzen, egal, ob hien do ass, oder net. Meeschtens gött hien vun hinnen net wouergeholl, och wann hien do ass. Hien ass elo do ukomm, wou de Jesus hien hi geschéckt huet, un déi déi um Rand stinn, déi net wouergeholl ginn an déi op eis Stëmm ugewise sinn, dass se fir si schwätzt.

An dobäi si mer bäi den Texter vun haut, mindestens beim Evangelium. Mir sollen eis Aarbecht maachen, net drop waarden, dass mir ugesinn sinn, dass mir eng Positioun hunn. Mir sollen se maachen, wéi onnëtz Sklaven, déi kee Merci kréien. Mee einfach well et eis Schëllegkeet ass, eis Aarbecht ze maachen.

Et ass, wéi wann den Text villfach fir eis an eiser Zäit géif schwätzen. Wann ech, obwuel ech sou eng Nuebelschau net maache well, an eisen eegene Reie kucken, da mierken ech, dass mir villfach schaffen, ouni e Merci ze kréien oder unerkannt ze ginn. Vill vun eis hunn dat Gefill. Mir si bäi den onnëtze Sklaven ukomm. Nun huet awer all Medail zwou Säiten an et kënnt och eis vir, dass mir aner Mënschen an dat, wat se leeschten, iwwersinn, an et fir selbstverständlech halen an net unerkennen.

Wann ech un de synodale Prozess denken, dann erënneren ech mech un déi vill Temoignage vu Leit, déi sech wënschen, dass dat hierarchescht Denken an Handelen opgebrach gëtt, dass mir net een iwwer deem anere Plaz hunn, mee niewenteneen. Kloer, et gëtt iergendwéi déi Struktur vun ënnen an uwen, mee et ass immens wichteg, dass een den aneren wouer hält an unerkennt. Net nëmmen d'Sklaven de Meeschter, mee och de Meeschter d'Sklaven, fir an der Terminologie vum Evangelium ze bleiwen. Ee brauch de Réckhalt vun dem Aneren, egal op wéi engem Träpplek vun der Carrièresleeder mir stinn.

De Willibrord war sech enger hierarchescher Struktur bewosst. Et ass net fir näischt, dass hie vum fränkeschen Hausmeier Pippin II seng Missioun wollt unerkannt hunn. Wuel sinn et schonns Chrëschte ginn, mee an de ländleche Géigende waren d'Leit nach meeschtens heednesch. Iwweregens heescht de laténgeschen Ausdrock pagani, op franséisch païens, als éischt emol Mënschen, déi ausserhalb vun de Stied wunnen. De Pippin huet dem Willibrord seng Ënnerstëtzung zougesot, huet hien dann awer op Roum geschéckt, fir dass hien och vum Pooft seng Missioun bestätegt kréich. An der 3. Kierchefenster fann Dir heizou Biller. Werfe mer e besonnesche Bléck op den ënneschten Deel vun den 3 Mëttelfelder, wou ee gesäit, dass de friesesche Kinnek Radbod, begleet vu sengen Zaldoten, dem Willibrord mat erhuewenem Schwäert entgéint trëtt an hien aus sengem Land verdreift. Déi eenzel Stréimungen fir de Willibrord, géint hien a seng Leit, sinn automatesch och en Unerkennen oder en Ofleene vun der Botschaft vu Gott an dem Zeechness vum Jesus. Kënnt eis alles bekannt vir, oder?

Wa mir elo an d'Liesung vun haut kucken, da gëtt d'Botschaft an domat och d'Aufgab, se ze verkënnegen, d'Aufgab, déi de Willibrord sech gesicht hat oder vu Gott uvertraut kritt hat, méi kloer. "Verkünde, was der gesunden Lehre entspricht," seet de Paulus. Déi eeler solle fir déi méi jonk e Virbild sinn, ouni an iergendengem Sënn iwwer d'Sträng ze schloen, bescheiden, besonnen, korrekt am Liewen an och am Verhalen. Iwwerluecht sollen se handelen, dat virliwen, wourop et ukënnt, fir dass jiddereen eng Richtung huet am Liewen, um Fundament vun der Léift. D'Léift soll eis hëllefen, fir eis net vun den ierdesche Begierten dominéieren ze loossen. Dat Gutt a vollem Äifer versichen ze maachen.

Domat si mir dann nees bäi eiser Gemeinschaft : wéini a wou maache mir dat Gutt? Wat sinn d'Viraussetzunge fir dat Gutt? Wat dreift eis un an eisen Handlungen oder fir eist Liewen sou oder sou ze gestalten?

Wann ech eis Kanner kucken, da feelt et hinnen engersäits u positive Virbiller, anerersäits loossen si sech och nëmme schwéier begeherten vun dem wat si virgelieft kréien. Mir sinn a kenger einfacher Zäit. Mir wëllen eigentlech keng Hierarchie, mee mir bräichten awer dringend eng, un déi mir eis hale kéinten.

Fir am de synodale Gedanken ze bleiwen, misste mir vill méi besonne sinn an emol roueg openeen lauschteren. Een niewent dem aneren, Schëller u Schëller. Fir dass ech lauschtere kann, muss een do sinn, deen eppes seet, an ëmgedréit.

Eis Gemeinschaft muss u sech schaffen. Si ass krank, net déi déi elo haut heibanne sinn, mee déi, deene mir schonns laang näischt méi ze soen hunn, jiddefalls net méi vun uewen hir, déi déi haut net hei sinn. Net déi, déi net kënnen kommen, mee déi, déi net méi wëlle kommen. Villäicht musse mir nei ufänken, op engem neie Fundament, wat mir all kenne missten. D'Botschaft vu Jesus Christus selwer, déi eis leede kann, undreiwe kann.

Ech ginn dat Gefill net lass, dass mir eis vun de grouse Gruppen verabschide mussen, an d'Liewen nei séinen a klenge Gruppen. Dat flächendeckend ass eriwwer. D'Pare mussen den Akzent op déi kleng Gemeinschafte leeën an den Zesumme vun hinnen ass d'Par vun der Zukunft. Mir hu Freides moies schonn säit et d'Par Regioun Iechternach gëtt, e Bibelgrupp, wou mir verschidden Evangelien geliest hunn, Apostelgeschichte, Paulusbréiwer, grad si mer beim Johannesevangelium. Et huet jorelaang gedauert, bis dat Vertrauen do war, dass jiddereen konnt fräi schwätzen, ouni Angscht ze hunn, ouni Reserven ze spieren. Genee dann kann eppes wuessen an der Gemeinschaft, op dem feste Fundament vun der Botschaft vu Gott. Wéi wär et, wa mir géifen nei kleng Gruppe vor Ort schafen, wou d'Leit selwer d'Verantwortung hätten, wou si d'Wuert vu Gott géife mam Liewen verbannen, et also konkret gi loossen, wou si Plaz hätte fir Rou a Gebiet, wou si d'Botschaft an d'Liewen géifen deelen? Wéi wär et, wa mir zesumme géifen een op den anere lauschteren, an dann, an aller Rou, géifen d'Weiche setzen fir d'Zukunft vun der Gemeinschaft, wohlwissend an an der Akzeptanz, dass mir zu den onnëtze Sklaven zielen? Wéi wär et, wa mir zesumme géifen iwwerleeën, wat mir am Glawe fannen a wéi mir d'Fundament vun der Gemeinschaft consolidéieren? Kloer si mir do mat Liewensfroen, a mat Iwwerliewensfroen konfrontéiert. Wat alleguer d'Leit ugeet, muss och kënnen vun alle beschwat ginn, d'Entscheidung muss zesummen iwwerluecht ginn éier se dann och zesumme geholl gëtt. Ech erënnere mech gutt u verschidden Temoignagen um synodale Wee. Déi meescht hu villes a Fro gestallt, déi wéinegst wollten, dass alles beim Ale bleift. Et ass e Malaise do. Wou musse mer usetzen? Wat ass eist Fundament? Villäicht musse mir d'Botschaft vu Jesus Christus sou fest mam Liewen verbannen, dass de Wand vum Geescht vu Gott, den neie Wand, de kreative Wand d'Fundament net un d'Wackele bréngt an dass mir dorop vertraue kënnen.

De Jesus selwer ass mat de Mënsche gaangen, do wou hien am meeschte gebraucht ginn ass. De Willibrord huet eis gewisen, wat de Geescht vu Gott bewierke kann, wéi ee kann eppes woen. Ech denken, et ass den onnëtze Sklaven hir Schëllegheet, op dem Fundament vu Gott a senger Botschaft ze goen, och an Zukunft. Grad do läit hire Räichtum.

Jésus ne cherchait pas à avoir une place dans la première rangée. Il restait avec ceux qui vraiment avaient besoin de lui, ceux en marge, ceux qui n'avaient que sa voix pour défendre leur cause. Est-ce que cela nous inspire ?

Willibrord était conscient qu'il avait besoin du soutien de la hiérarchie politique et de celle de l'Église. Comment la hiérarchie devrait-elle être, se présenter pour soutenir les communautés ? Aujourd'hui il nous faut être les uns à côté des autres, non pas au-dessus ou en dessous. Le cheminement synodal doit nous ouvrir à la créativité et à la confiance que l'Esprit Saint peut nous mener à ne pas avoir peur même si notre position est en marge de la société comme celle des serviteurs inutiles. Devenons créatifs, osons le nouveau comme Willibrord l'a fait de son temps.

*Mëttwoch, 9. November 2022*

## **Pilgermass fir den Dekanat Osten**

Texter: 1 Kor 3,9c-11.16-17 Ps 46 Joh 2,13-22

Léif Pilgerinnen a Pilger aus dem Dekanat Osten, schéin, dass Dir haut hei sidd. Verschiddener vun iech hunn eng intensive Bindung hei zu Iechternach a komme regelméisseg heihinner fir ze bieden oder bäi besonnesch festleche Geleeënheeten eng Hand mat unzepaken. Et schéngt sou, wéi wann den Hellege Willibrord an d'Basilika eng Aart Magnéit wär, wat eis all unzeit an zesammenhale kann. Den Hellege Willibrord an seng Basilika, oder eis Basilika, kënne Fundamenter fir eng lieweg Gemeinschaft sinn. Wéi vill Pilgergruppe kommen am Laf vum Joer heihinner un d'Graf vum Hellege Willibrord? Wéi vill Leit bréngen hier hir Uleies, an hoffen em e Liichtbléck, em Kraaft fir hire Wee weider ze goen, grad dann, wann et hinnen u Kraaft feelt? Sécher, den Iechternacher ass d'Basilika besonnesch un d'Häerz gewuess an den Hellege Willibrord souwisou. Mee och eis ass et eng Heemecht ginn, wou mir Rou fanne kënne a wou mir nodenke kënne, bieden a sangen, kloen a Merci soen.

Kuckt emol ronderëm Iech: An de Kierchefënsteren si wichteg Momenter vum Willibrord sengem Wee, wichteg Meilesteng fir eise Glawen um Altar mat deene 4 Evangelisten, an der Krypta, verbuerger an och net, dem Willibrord säi Graf. Op dem Fundament vu sengem Graf steet den ënneschten Altar. De Steen vum Altar ass a Muschelform geschnidden, d'Muschel als Zeeche vum Liewen. Den Altar ass op ënnendrënner, sou dass een d'Fundament erahne kann. En revanche ass d'Graf och op uewendriwwer, bildlech gesinn, et ass op fir d'Gemeinschaft, déi ronderëm dësen Altar feiert an och op fir de Lien no uewen wou mir traditionell Gott mengen domat, wa mir vun „uewen“ schwätzen. D'Bindunge ginn an all Richtungen. Eng lieweg Gemeinschaft?

Nun, an der Liesung vun haut aus dem 1. Korintherbréif gëtt vu Jesus Christus geschwat, den d'Fundament ass, op dem mir bauen. Jidderee muss awer iwuerleeën, wéi en op dem Grond weiderbaut. Mir kréien awer Vertraue geschenkt bäi der Missioun: Mir sinn den Tempel Gottes, dësen Tempel si mir als Eenzeler an als Gemeinschaft. Den Härgott huet säi Geescht an ons geluecht. Fir et e bësselchen ze ëmschreiwen, kéint ee soen: Hien huet seng Iddien, seng Richtung an eis geluecht, an duerch de Fait, dass hien seng Kraaft an eis geluecht huet, mécht hien et méiglech, dass mir fir seng Botschaft, fir seng Liewensrichtung, seng Wäerter kënne brennen, richteg an den Träipe gepaakt ginn a mat dem Sätz vum Wëllen, eisem Häerz, entscheeden, wat mir domadder maachen an och net maachen. Et ass méiglech, dass mir beréiert sinn, bis an eist Ënnert. Et ass natierlech och méiglech, dass mir d'Relatioun mam Jesus längstens, éier mir beréiert waren, ofgebrach hätten.

Dëst an den Träipe gepaakt ze sinn, léisst eis als Gemeinschaft lieweg sinn, e Liewen wat net iwuerflächlech ass, wat net u Materiellem oder Vergänglechtem hänkt, wat bewosst weider geplangt gëtt, wat een net zerstéiere kann.

Am Evangelium hu mer vun der beschtbekannter Tempelreinigung héieren, wou de Jesus als dee beschriwwen gëtt, deen sech engagéiert fir déi déif Wäerter, dass den Tempel fräi bleift vu Geschäfte an Händler, also iwuerflächlech gëtt. Et ass dëst eng Zeen, déi och an der Musek lieweg gi gelooss gëtt. Den Zoltan Kodaly huet an „Jesus and the Traders“ op ganz androcksvoll Aart a Weis dem Jesus seng Arrivée virun Ouschteren zu Jerusalem feierlech, an der Rou, gesammelt, an sou a Musek gesat, eng Rou déi ënnerbrach gëtt vum Ierger vum Jesus, wou hien am Tempel opraamt, d'Händler déi rausfléien, alles duercherneen ass, och an der Musek realiséiert, éier dann d'Nodenke kënnt wat den Tempel ass, wou den Tempel ass a wéi mir dem Tempel kënne a senger ganzer Hellegheet (Heiligkeit) Éier erweisen an dem Jesus nogoen. Dass am Leiden en neit Liewen läit, wat eis iwuer eist ierdescht Liewen erausféiert. Dass den Tempel net nëmmen e Gebai ass, mee e Bild vun eisem Liewen. Dass dat schliisslech de Message ass, den d'Mënschen dozou féiert, fir



dem Jesus nozegoen an un hien ze gleewen, den Tempel, deen hien duerch d'Leiden erduerch nees zu neiem Liewen erwächt.

Erënnert dat eis net u vill Noutsituatiounen, wou Mënschen eppes brauchen, wat se iwwer de Misär vum Moment ewech zu neiem Liewe féiert, e Liewen wat méi déif ass an anescht ass, wéi dat wat mir vermudden oder souguer erwaarden. Erënnert et eis net un eis Gemeinschaft um synodale Wee? De Wee mam Jesus ass net einfach. Et ass net ëmmer romantesch mat gëllene Wolleken, also alles rosa.

Wat géif de Jesus eis haut soen, wann hien an den Tempel bäi eis géif kommen, souwuel de kierchlechen Tempel wéi och eise perséinlechen, eist Liewen? Wat hu mir zougelooss, dass aus der kierchlecher Gemeinschaft gemaach ginn ass? Wat hu mir selwer draus gemaach? Ass et en Haus, eng Gemeinschaft ginn, déi ëm Floskele kreest, déi Ritualer huet, déi awer net an d'Déift vun eisem Mënschinn gräifen? De Wäert vun engem Gottesdengscht läit weder am Wäirauch, nach an de gëllene Käerzeliichten oder an de schéine Gewänner, déi eis heiansdo u vergaangen Zäiten erënneren. Sinn se Oflenkungsmanöver, ass et en Ausdrock vun der Muecht aus vergaangen Zäiten oder féieren si eis an d'Déift? Mir schwammen heiansdo selwer vun der Déift ewech, deemno u wéi enge Critère mir eis orientéieren fir ze feieren. Wat bréngt den Tempel vun eisem Liewe weider? Wier net wéineger heiansdo méi? Bescheidenheet wier ugesot, sou wéi se beim Stroumspueren, beim Spritspueren ugesot ass. Wa mir an eiser haiteger Zäit wëllen den Tempel vun eisem Liewen éieren, da musse mer eis net froen, ob mir dat schéinste Kleed unhunn. Villméi musse mer ons froen: Wéi vill Minutten am Dag halen ech Rou aus? Wéi vill Sekonnen am Dag verwenden ech fir un anerer ze denken, statt un eise Misär, deen doranner besteet, dass mir selwer net eens ginn an duerfir an autoreferentieller Manéier duerch d'Liewe geeschten, kloen a jéimeren. Wéi vill Minutten am Dag hunn ech e Gedanken, dass ech meng Situatioun unhuelen an dankbar sinn fir dat wat mir geschenkt ginn ass?

De Jesus raumt am Tempel. Villäicht kann dat eis inspiréieren, fir och ze raumen an dat ewech ze huelen, wat eis vum Jesus trennt an eis vun den anere Mënschen ewechhält.

De Willibrord ass wéi e Weeweiser. Hien huet sech net ofbréngé gelooss vun der Botschaft vu Gott, dem Zeechness vu Jesus Christus. Hien huet der Kraaft vu Gott Raum ginn. Op dem geschenkten Terrain vun der Schwéiermamm vum Pippin II, der Irmina, huet hie gebaut um Tempel fir d'Botschaft vu Gott lieweg ginn ze loossen. Villäicht musse mir eis grad an dem Punkt nei orientéieren an zesummen op de Wee goen, ganz bescheiden, mee zesummen. Wiem gi mer Raum an eisem Liewen? Wat ass fir eis wichteg? Nun, mir sinn eis eens. Mir hunn nach eng Mëtt an eisem Liewen. Schéin, dass Dir hei sidd an dass mir eise Glawen deele kënnen.

Quels sont nos valeurs pour la vie ? Jésus arrive à Jérusalem avant Pâques. Il entre au temple, voit les commerçants, les marchandises, les animaux qu'ils vendent, le bruit qui se développe. Sans doute la communauté s'est éloignée des valeurs qui devraient la marquer : la simplicité, le calme, l'intériorité.

Jésus réagit de façon violente. Il les jette dehors. Si nous prenons le temple pour illustrer deux idées : Le temple, bâtiment de l'Église et le temple pour notre corps, notre vie. Que devrions-nous ranger pour permettre de construire notre communauté et notre vie personnelle sur des fondations en pierre?

Prenons le conseil de Saint Willibrord qui nous guide vers l'Évangile.

*Donneschdeg, 10. November 2022*  
**Pilgermass fir d'Dekanat Norden**  
 Texter: Phlm 1,7-20 Ps 146 Lk 17, 20-25

Léif Pilgerinnen a Pilger aus dem Dekanat Norden, schéin, dass Dir dësen 10. November um Graf vum Hellege Willibrord mat eis deelt. Wat huet Iech haut heihinner gefouert? Sinn et eegen Suergen? Eege Freed? Ass et d'Gemeinschaft do uewen aus dem Norden déi Iech gesot huet: Zu der Gemeinschaft gehéiers du, also gees du mat? Oder ass et den Hellege Willibrord, säi Graf an d'Basilika? Warscheinlech ass et e bëssi vun allem, sou wéi dat an engem duerchschnëttleche Liewen ass.

Wann Dir den Hellege Willibrord misst beschreiwen, wat géif Dir soen? Hien ass deen Hellegen, deen als Benediktinermönch déi wäit Rees vun Irland bis a Friesland op sech geholl huet fir déi ländlech Géigenden ze missionéieren. War hien en Abenteuerer? Oder huet hien sech op emol gelangweilt an Irland a senger gewinnter Communautéit, sou dass hie mol wollt, dass nees eppes lass wär, an duerfir huet hien sech deemools mat 11 Gefährten op de Wee gemaach?

Ech hu mir fir all Dag iwwerluecht, d'Pilgerinnen an d'Pilger matzehuelen, fir eppes an der Basilika méi genee ze kucken an ze préiwen, ob et eis op e Fundament stéisst, wat Bestand huet: Haut wollt ech Iech froen, emol d'Kräiz ze kucken wat mir fir Karfreideg dëst Joer „enthüllt“ hunn. Et ass en hëlze Corpus, deen op engem „fer forgés“ Kräiz hänkt. Massiv an dach filigran. Deemno wéini een an der Basilika ass, deemno wéi d'Licht fält, gesäit ee just de Corpus vum Jesus. Hie mécht d'Äerm grouss auseneen, zu de Mënschen hin. Et beandroekt mech all Kéiers, wou ech d'Kräiz bal net gesinn, wou ech just de Jesus gesinn, deen d'Äerm ausenee mécht. Seng Äerm sinn op fir dat, wat komme soll. Si sinn och op fir eis. Mir wëssen, dass hien gekräizegt ginn ass, dass hien grausam aus dem Liewe gerass gi war, an awer schéngt hien iergendwéi ganz nobel d'Äerm auszebreden. E Spagat: Am Doud ass d'Liewen. Schwéier ze verstoen. Kucke mir dann méi genee, gesi mir d'Kräiz, ëmginn vun engem Liewensbam. Wéi kann am Leiden Liewen entstoen? Deemno wéi d'Licht fält, gesäit een de Schied vum Kräiz op béide Säite vum Kräiz. D'Kräizer vun deenen, déi mat him gekräizegt gi sinn, d'Kräizer vun de Raiber. Et ass beim Jesus um Kräiz och Plaz fir eis, mat eise Schietsäiten a mat dem, wat eis gefaangen hält a kräizegt. Do si mer dann onweigerlech bäi den Noutsituatiounen vun eiser Welt. Do denkt jiddereen direkt un de Krich an der Ukraine, wou mer kënne sou oder sou agestallt sinn, mee et schlicht und ergreifend inadmissible ass, dass een dem Noper säin Terrain iwverfält a mengt, et wier vëlleg berechtigt. Ob elo d'Waffen d'Léisung sinn? Sécher net. Mee et gëtt keng Léisung. Ohnmächtig sti mer do, wéi sou oft, wou mer gären eppes ännere wëilten an awer net kënnen.

Dat bréngt eis bäi dat bekannten oder onbekannten Leed vu Familljen, wa Krankheet oder den Doud zouschléit, oder soss e Schicksalsschlag kënnt, deen een net verhënnere kann. Villfach wësse mer net méi, wéi et eise Matmënsche geet, oft leiden se ganz nobel an diskret, ouni eis mat hire Kloen ze stéieren. Op eng gewëssen Aart a Weis sinn ech beandroekt, wann ech de Präsidant vun der Ukraine gesinn, an Arméifaarf gekleet, duerzehalen, net opzeginn, un der Säit vu sengem Land. Hien huet säi Land gären. Ob all Decisioun richteg sinn im Nachhinein, well a kann ech net beurteilen, steet mir net zou. „Hindsight“ ass ëmmer méi einfach, herno ass ee meeschtens méi Schlaw, well ee jo weess, wat geschitt ass. Ech bewonnere jiddefalls dem Präsidant säi Courage, dat Kucken vum Misär an d'Aen. Ech wär schonns längstens fort gelaf.

Dat selwecht gesinn ech oft, wann ech bäi Famillje sinn. Hanner de Kulissen gesäit et oft anescht aus, wéi bäi der viischter Fassad. A vill hunn e ganz nobelen Ëmgank mat Kräiz a Leed. Wou si d'Kraaft hierhuelen?

Sinn sou Mënsche wéi de Willibrord e Virbild ? Oder ass et éischer eng Mamm, wéi d'Maria, d'Muttergottes, déi Mënsche Kraaft gëtt fir duerzehen? Béid inspiréiere mech ëmmer aus ënnerschiddlechen Grënn. De Willibrord, well hien net gefaart huet, an mat der Bibel de Schwäert ofgewiert huet, der Legend no. Unerschrocken! Kraaft vu Gott?

D'Muttergottes, well si mat gütegem Bléck op eis kuckt. Et lount sech och hei an der Basilika, e Bléck op d'Statue un der Sail heivir ze werfen. Ech denken, eis Gemeinschaft brauch, sou wéi mir am Liewen, déi männlech Sait, ech weess net ob ech se soll väterlech nennen, beim Willibrord, an si brauch och de gütege Bléck vun der Mamm.

Domat si mer natierlech bäi der Fro, wie kann a soll Ämter a Verantwortung an der Kierch iwwerhuelen. Mir sinn all tselwecht gedeeft a gefirmt, firwat géif deen do uewen eis net gläichermoosse beruffen fir Verantwortung ze huelen?

Villäicht kann ee mir dat erklären, sou dass ech et verstinn, well da verstinn och vill anerer et, déi et am Moment mat mir zesummen net verstinn. E Gespréich am Bistum huet mech dach inspiréiert, fir iwwert d'Beruffungen nozedenken. Beriff den Härgott net méi? Oder wëlle mir d'Beruffungen net erkennen well mir dann d'Strukturen ännere missten? Wann ech **mir** soen, mengen ech d'Entscheidungsträger zu Roum, well ech fille mech nach ëmmer mat der Universalkierch verbonnen.

Ech weess, dat ass en heikelt Thema, wou et ëmmer wäerten Onzefridder ginn. Entweder déi eng Sait oder déi aner. "Alors c'est le schisme. Voulez-vous ça?" sot des Lescht eng Fra op engem Mataarbechterdag. Villäicht ass de Schisma schonn iergendwéi do, an eisem déiwen Ënneren, an dat mécht mech traureg. Et ass wéi eng Krankheet, déi am Kierper schweelt, déi mécht, dass d'Kierch net frou do stoe kann. Et kann een se mat engem Bam vergläichen, wou bannendran schonn sou Fäulnisscheinunge sinn, an d'Schuel och ufänkt krank ze ginn.

An awer: am Evangelium seet de Lukas eis, dass d'Räich vum Härgott scho matten ënnert eis ass, an dass et net kënnt, wéi mir et erwaarden. Et ass also do, mir mussen et fannen. Villäicht ass et grad an dem Kranken, an dem Verletzten, wou mir kënnen dru schaffen, sollen, jo mussen, fir et nees gesond ze maachen. Mir erkenne Gott net, a säi Wierken och net a verwerfen hien. Mee grad un all deem, wat net gutt leeft, wat verwerflech ass, do kënne mir dru schaffen, dass et zu neiem Liewen erwächt gëtt. De synodale Wee ass eng Chance dofir. Mir kënnen un eis schaffen, un der Gemeinschaft, an si veränneren. Mir däreffe just net bäi der Bestandsopnam stoe bleiwen. Mee mir mussen weider investéieren. Erkenne, wou mir mat eiser Léift eppes bewierke kënnen. De Willibrord kann e Booster sinn fir eise Glawen, fir eise Courage, fir eis Gemeinschaft. De Paulus weist eis eng Spuer an der Liesung. Hie seet dem Philemon, dee soll den Onesimus ophuelen, net wéi e Sklave, mee wéi e Brudder. Et wier sou, wéi wann hie géif de Paulus selwer ophuelen.

Huele mir een den aneren un an hu mer Vertrauen, dass den aneren och eppes kann? Halen ech déi Mënschen, déi mat mir ënnerwee sinn oder déi ech um Wee begéinen fir gläichwärtig, fir e Brudder oder eng Schwëster, mat mir zesummen ënnerwee?

Villäicht musse mir de Räichtum vun eiser Gemeinschaft nei entdecken a Fräiheet schafen, fir nei Weeër ze goen. Ech kann net oft genuch soen, dass mir jiddereen eng Aufgab hunn, dass mir se just musse maachen, zesummen! Wann ech gesinn, dass am Norden eng Ekipp „Oppent Ouer“ entstanen ass, déi prett ass fir Mënschen, déi eng schwéier Diagnos kruten, oder déi en Deuil hunn, oder déi eleng sinn, ze begleeden, da kann ech just soen: Do ass är Gemeinschaft lieweg! Weider sou. Loosse mer eis inspiréieren a pake mer selwer Hand un.

Dat bréngt mech dann bäi de Corpus vum Jesus den hei säitlech hänkt, wann Dir aus der Krypta kommt, de Corpus, den aus den Iwwerreschter vun der zerstéierter Basilika erausstoung, e Corpus, dee keng Hänn a keng Féiss huet. Mat senger ganzer Verletztheit, mat dem wat him felt, ass hien

all Dag en Opruff un eis, him dach eis Hänn an eis Been ze léinen fir bäi d'Mënschen ze goen an hinnen ze hëllef, do wou mir sinn. Hien huet just eis Hänn, eis Been a Féiss, eis Oueren, eise Mond, eis Aen an eist Häerz fir ze hëllef. Hellege Willibrord, schenk eis dofir deng Kraaft.

Qu'est-ce qui fait que notre communauté est vivante ? Si nous regardons voir dans les textes bibliques d'aujourd'hui, Jésus nous dit que le royaume de Dieu est différent de ce que nous attendons, qu'il est déjà parmi nous, que nous devons le découvrir parmi nous. Donc, il ne sera pas juste là où les apparences sont belles, mais il est là où est la souffrance et où les gens essaient de transformer la souffrance, la maladie, les coups de destin, les blessures en nouvelle vie. Le corps du Christ sur le mur à la fin de l'escalier pour monter de la crypte peut nous montrer une piste. Ce corps est mutilé, il n'a ni mains, ni pieds. Il nous invite à lui prêter nos mains et nos pieds pour aller chez les gens et donner l'aide dont ils ont besoin. Saint Willibrord, aide-nous sur ce chemin.

*Freideg, 11. November 2022*

### **Pilgermass fir déi eeler a krank Leit a fir d'Dekanat Südwesten a Südosten**

Texter: 2 Joh 1,4-9 Ps 119 Lk 17,26-37

Léif Pilgerinnen a Pilger aus den Alters- a Pflegeheimer an aus den Dekanater Südwesten a Südosten, lo si mer schonn zum Schluss vun eise Pilgermassen an der Willibrordusoktav ukomm. Haut ass schonn déi leschte Kéier, wou ech mat Iech, fir Iech schwätzen däerf. Ech wënschen, dass ech Iech e bëssi vun der Kraaft vu Gott eriwwerbréngé kann, dass ech Iech e bëssi Mutt maache kéint fir d'Zukunft.

Den Hellege Willibrord ass eng Inspirationsquell, mat dem Elan, wou hien am 7./8. Joerhonnert d'Missionnéierungsarbecht hei ugefaangen huet. Wann ech d'Kierchefënsteren kucken, dann ass d'Konstant a sengem Liewen, dass hie gewot huet, eppes Onbekanntes oder Neies riskéiert huet. Hien huet net gefaart, hie stoung um feste Fundament vun der Botschaft vu Gott aus der Helleger Schrëft.

Haut werfen ech e besonnesche Bléck op déi lescht Fënster hanne bäi der Dier, déi Dier wou mir mat der Sprangpressessioun eraussprangen an eist normal Liewen zrëck. Déi 3 mëttelst Deeler vun der Fënster weisen eis am ieweschten Deel de Willibrord am Bëschofsgewand, seng riets Hand hieft hien fir ze seenen. Leit vertrauen sech sengem Seegen oder villäicht sengem Gebiet un. Villäicht kënne mir eis do all erëmfannen als déi, déi sech him uvertrauen, mat eise Krankheeten, mat eisem Alter an deem, wat eis an den Dekanater beweegt, mat deem, wat sech an eiser Kierch beweegt oder net beweegt. De Willibrord schwieft iwver sengem Sarkophag, d'Säitendeeler vum Sarkophag si mat Kreesser iwverzunn, déi sech iwverschneiden, wuel Symbol vum Gëttlechen a vun der Éiwegkeet. D'Iddie vun dem Gëttlechen an der Éiwegkeet fanne mer och an de Fënsteren vun der Krypta.

Nun, wéi ass et mat eiser Gemeinschaft? No méi wéi 2000 Joer ass si fir eis schonns bal „éiweg“. An awer musse mir eis froen, ob dat net „fake news“ sinn. Musse mir net eeschthaf un eis schaffen, wa mir wëllen, dass eis Gemeinschaft eng Iwwerliewenschance huet?

Sécher, déi, déi näischt ännere wëllen, wäerte mech elo onbequem oder pessimistesche fannen. Ass deelweis och sou. An awer hunn ech, elo méi wéi 30 Joer, ëmmer versicht, total Engagement ze ginn, fir d'Botschaft vu Jesus Christus konkret ginn ze loossen a Mënschen hirem Liewen. Um Terrain bäi deene Kranken an Eeleren geet et oft duer, eng Hand ze halen, genee ze lauschten an ze kucken, dat eescht ze huelen, wat den eeleren oder kranke Mënsch beweegt, wat säi Liewen, seng Freed a säi Leed ass. Et ass sou vill Aarbecht do, a jidderengem seng Hand gëtt gebraucht, net fir „Missioun“ ze bedreiwen, mee fir einfach do ze sinn. Wann ech d'Leit gesinn déi a Spideeler, an

Alters- a Fleegeheimer oder doheem fir Mënschen do sinn, gëllt hinne mäi ganze Respekt an Unerkennung. Villfach sinn d'Krankheetsbiller sou schwéier ginn, dass et ouni professionell Hëllef net geet. Ech selwer weess och aus familiäre Grënn, wéi wäertvoll är Aarbecht, ären Déngscht ass. An et ginn ëmmer nach benevole Leit gesicht, déi hëllefen, krank an eeler Mënschen ze begleeden. Aus eisen eegene Reie mussen se kommen, och heibanne kann de Mëtteg den een oder anere sinn, den sech zu sou engem Déngscht berufft spiert an der Gesondheetspastoral.

D'Krankheete sinn déi Selwecht, mee mir riichten de Bléck op d'Gesondheet. Ass et en Dram? E Wonsch? Ass et eng Vortäuschung falscher Tatsachen?

Nun, wat d'Kierch ugeet, si ass och eeler a krank. A mir mussen dat ferm am Aen behalen, wa mir wëllen, dass et mat hir weidergeet, an och wéi et mat hir weidergeet. Heiansdo sinn ech tentéiert, fir wéineg Hoffnung ze hunn. An dann denken ech un den Hellege Willibrord, un déi éischt Fënster, d'Dramgesiicht vu senger Mamm, wou si dreemt, dass hien eppes géif am Zesammenhang mat der Kierch ginn, en Engagement an der Kierch huelen. An da sinn ech nees motivéiert.

D'Liesung vum Dag vun haut an d'Evangelium vun haut sollen eis begleeden op eiser Sich, wéi et weidergoe soll. Si sollen eis net discouragéieren, mee oprëselen. D'Gebot wat mir vun Ufank u kritt hun, ass, dass mir an der Léift lieve sollen. Mir sollen op eis oppassen, net präiszeginn, wat mir erschafft hunn, fir dass mir de volle Loun kréien. Mir sollen oppassen, dass mir an der Léier vu Jesus Christus bleiwen, dat ass eist Fundament.

Dat féiert mech nees bäi d'Synod, wou mir méintelaang Consultatiounen zum „Vécu“ vun de Leit mat der Kierch gemaach hunn, an eis ënner den 3 Begrëffer vu Communio, Partizipatio a Missio no Weiche fir d'Zukunft Gedanke gemaach hunn. Verschidden Temoignage vun de Leit si bäi de Verletzung stoe bliwwen. Et ass eppes typesch Mënschlech, dass mir fir d'éischt mol do kucken, wou et eis selwer wéi gedoen huet. Dat soll och ganz eescht geholl ginn. Glécklecherweis si vill Echoe komm, déi Piste fir d'Zukunft gewisen hunn. Kloer, mir musse Saachen änneren. Deenen, déi dat net wëllen, géif ech soen, dass si bestëmmt eng Plaz fannen, wou hinnen dat gebuede gëtt. Déi aner, deene versichen ech e puer Pisten ze weisen, fir dass mir net blannemännerches nokucken a mengen, et wär alles an der Rei. „Wou Aas ass, sinn och d'Geier.“ Drastesch, mee wouer. Wie säi Liewen versicht ze behalen, wäert et verléieren, wien et verléiert, wäert et gewannen. Iwwersat kann dat heeschen : wa mir elo un eis schaffen an anescht investéieren, da läit an deem, wat mir verléieren, doduerch e Gewënn.

Ech hunn ëmmer nach Dreem fir d'Kierch. Net sou fir d'Haiser oder d'Gebaier, mee fir d'Gemeinschaft.

1: Et geet net duer, op Roum ze waarden, dass si strukturell eppes änneren, an eis dann hannert deem, wat si maachen oder net maachen, ze verstoppen.

2., 3., 4....: Mir all hunn Aufgaben hei op diözesanem Niveau, op lokalem Niveau. Mir mussen eis vun de Gebaier ewech orientéieren an eis op d'Gemeinschaft konzentréieren a kucken, wat mir do schafe kënnen.

De Mënsch a seng Bezéiung zu Gott muss an de Mëttelpunkt kommen. Et wär och net schlecht, wa mir ënnerteneen déi Léift géife liewen, déi mir villfach an der Helleger Schrëft un d'Häerz geluecht kréien. Da sidd elo léif mat mir! Wéi ech sinn, ass egal. Nee, dat ass et net!!! Ech si elo mol einfach léif mat Iech, dann hunn ech eng Chance, dass mir och är Léift geschenkt gëtt.

Mir mussen ganz éierlech gesinn, dass dat net ëmmer klappt. Do ass eng Bekéierung noutwendeg. Et ass inadmissibel, dass mir Suergfelder schéi rieden a z. B. soen, et géif och Mëssbrauch bäi anere ginn. Kloer, mir sinn de Problem wéinstens vun offizieller Säit ugaangen, mee um Terrain weess ech net, ob mir ëmmer kloer gesinn, dass e Mëssbrauchserliewnëss fir deen, deen et erlieft

huet, liewenslänglech bedeit, an dass een dat net schéi rieden däerf. Dëst ass e Beispill. Et ginn nach anerer.

Dann däerfe mir eis sou lues verabschide vun enger flächendeckender Déngschtleeschungspastoral. Mir hunn de Personalschlëssel net méi fir dat ze bréngen, an déi Déngschtleeschungspastoral huet eis Gemeinschaft net an der Déift opgebaut. Si mir eis bewosst, dass e Ritus, e Ritual, nach kann sou schéin sinn, mee wann en net am Liewen vun de Leit verankert ass, dann dréit en net fir d'Zukunft. Mir erreechen déi meescht Leit net duerch Wieder, si kënnen nach sou intelligent a gutt gemengt sinn. De Mënsch spiert, ob een authentesch ass, ob een mat sengem Häerz dobäi ass, oder ob mir d'Liewen vun eis ewech halen.

Ech dierft eigentlech ganz wéineg sou maachen, well et **muss** sou sinn, well et an der Liturgie oder soss iergendwou sou virgesinn ass. Ech muss mir ëmmer d'Fro stellen, wat et ausseet, a wat et bewierke kann/soll. An dem Sënn ass eist Dosinn **bäi** de Mënschen, well duerch eis kënnen si d'Liewen, d'Fundament vun eisem Glawen ERLIEWEN.

Wéi e Message well ech ginn? Wéi e Message kann d'Kierch an der Zukunft nach ginn? Duerch d'Trennung vu Kierch a Staat ass villfach méi ëm Terrainen an Gebaier geschwat a gestridde ginn, wéi no der Gemeinschaft gekuckt ginn. Sécher ass e schéint Gebai, wat gefleegt ass, wou een d'Léift vun deenen, déi sech këmmere, spiert, och net aus mengem Denken a Fillen auszeradéieren. Et ass awer net alles. Dir sidd et, Dir sidd wichteg, all Hand, all Bléck, all Suerg, all Gedanken an all Gebiet fir en aneren. An deem Sënn musse mir och eis Liturgien iwwerdenken. Et geet net duer, Eucharistie ze feieren. Fir d'Liewen ganzheetlech ze gestalten, musse mer d'Wuert vu Gott deelen, et bedenken a verstoen, et an eist Liewen integréieren an säi Brout deelen. Och Gebietsformen wéi donneschdes, wou mir reegelméisseg Ubiedung hunn an duerno d'Veesper zesumme sangen, am Psalmegebiet, wat eis Gedanke forméiert fir d'Liewen ënner verschidde Gesiichtswénkele viru Gott ze bréngen, fir mol eist benediktinescht Fundament opzegräifen, oder Momenter vu Rou viru Gott, mat Gott, gehéieren dozou. Fir dass ech mäi Liewen erfaasse kann, muss ech a mäin ënnert Zëmmer goen. Wann et bausse roueg ass, gëtt et bannen ganz lieweg. Déi bescht Entscheedungen fanne mer an der Rou, wou mir eis mat eis selwer a mat Gott konfrontéieren.

Ee vun de leschten Deeg hunn ech gesot, dass mir vill nei kleng Gruppe musse wuesse loossen, wou Vertrauen ass, wou un de Leit hir Talenter gegleeft gëtt. Déi Gruppen däerfen och Verantwortung droen. Jidderee kennt säin Terrain gutt, a weess, wat do méiglech ass. Sécher ginn net op alle Plazen déi selwecht Saachen. Heiansdo brauche mir den Input vu baussen, sief et duerch Leit, déi elo no der synodaler Consultatioun op den Terrain kommen an eis begleede beim Weiderschaffen, sief et, dass mir eis selwer a Formatioune ginn, déi reegelméisseg ugebuede ginn. Et hëlleft eis, heiansdo iwwer den Tellerrand erauszekucken. De Professor Zulehner sot eis den 20. Oktober: 2/3 vun eise Kräften si bäi de Leit ze investéieren, 1/3 héchstens gëllt de Gebaier, der Léier. Dat verlaangt eng Ännerung, mengen ech.

En anere Saz vun him war: „Bei Gott eintauchen um bei dem Menschen aufzutauchen.“ Op d'Leit zougoen, um Fundament vun der Frouer Botschaft vu Gott, eis sou forméieren, dass mir de mënschlechen Erausforderungen gewuess sinn, eis sozial Aufgaben net ofginn un anerer, professioneller, eis engagéieren mat eiser Kraaft, eisem Kënnen an och mat eiser finanzieller Ënnerstëtzung, eis Kanner eescht huelen an si d'Botschaft vum Jesus erliewe loossen, mir matten ënner dem Vollek, als een oder eent vun hinnen, dat ass mäin Dram.

Nous sommes sur les racines d'un bénédictin à Echternach. Leur règle est: ora et labora. En traduction, on va dire: avec Dieu vers les hommes. Qu'est-ce que ça signifie si on repense l'idée d'une communauté vivante bâtie sur des fondations solides?

Communion: Avec qui suis-je sur le chemin? Est-ce que je suis sans jugement vis-à-vis de ceux qui sont rejetés par l'Église en raison de leur chemin de vie?

Participation: Ce qui concerne tout le monde, doit être décidé par tout le monde. Faire des décisions, les préparer doit aller de pair avec prendre les décisions, avec les mêmes personnes.

Mission: Quel est notre message? Brûlons-nous pour le message de Jésus Christ à tel point que nous ne pouvons que nous investir pour lui donner vie dans notre vie et la vie des gens qui sont avec nous en chemin?

Chacun de nous a des rêves. Je vous souhaite de tout cœur que de cheminer ensemble dans une même Église, une Église différente, une Église où nous sommes en chemin vraiment ensemble.

Je prie chaque jour à ce que le Seigneur nous garde sur le bon chemin et que Saint Willibrord nous inspire à ne pas avoir peur, à oser des transformations, qu'il nous inspire à être créatifs.

(Communion: Mat wem sinn ech ënnerwee? Sinn ech urteelsfräi an offen, och vav vun deenen, déi aus Grënn vun hirem Liewenswee offiziell ofgeleent ginn?)

Participation: Dat wat all d'Leit betrifft, muss och vunn allen entscheed ginn. „Decision making an decision taking“ geet matenaner a mat de selwechte Leit.

Missioun: Wat wëlle mir de Leit mat op de Wee ginn? Wéi loosse mer déi attraktiv Botschaft vu Gott a Jesus Christus lieweg ginn an eisem Liewen an am Liewe vun de Mënsche mat deene mer um Wee sinn? Wat ass eis Aufgab?)

Jidderee vun eis huet Dreem. Ech wënschen eis, dass mir zesumme weiderkommen, an enger anerer Kierch; keng nei, mee eng aner, wou mir tatsächlech zesummen um Wee sinn. Dass mir um richtege Wee bleiwen, do soll Gott eis behidden a begleeden, an den hellege Willibrord soll mat neiem Wand, neiem Geescht eis Gemeinschaft duerchstëppen a beliewen. „Bewahre uns Gott, behüte uns Gott auf all unseren Wegen.“ Géi mat eis, Hellege Willibrord! Um Wee fir eng lieweg Gemeinschaft op festem Fundament, net op Sand gebaut.